De Jemp Schuster am Pescatore

„Propper Zäiten"

All Joer am Oktober si „Schuster-Zäiten" fir de Lëtzebuerger Kabaräpublikum. Déi Kéier wor awer sou munneches anescht – och wann hien a puncto Inszenéierong sech neess vum Claude Mangen berode gelooss huet – mee d'Bühn am Pescatore ass och net onbedengt eng Kabaretbühn ... ma soss si „propper Zäiten" e Programm sou wéi een dat vum Jemp Schuster eben gewinnt ass ... propper bruecht!

E Spektakel mat Spill a Gesank ... an e bessi Musik vum Jos Schartz; dat Ganzt live an a Fuarw!

A „Propper Zäiten" ass den Acteur selwer propper, vläit souguer ze steril; jiddefalls schwuarz-wäiss gekleed – am Ufank nach mat enger Anti-SARS-Mask un – fir géint alles ze knouteren, wat dann lo sou globaliséiert op eis duerkënnt.

Ma mir Lëtzebuerger, mir bleiwe propper, well mir hunn déi Geldwäschen all fest am Grëff. Oder? Souguer de Benito Berlusconi kann eis ni geféierlech ginn; just d'DP – fir déi gëtt et lo Zäit, fir de Bilan ze zéien an d'Pan ze klaken. Ënnert dem Motto „an lo kritt awer nach jiddereen seng politesch Wichs", rechent de Jemp Schuster of an deelt aus, datt et e proppere Genoss ass. D'Iraker, déi jo nët de Culot hunn, fir d'Amerikaner nët ze feieren, kréien ëss, wéi de Schroeder – jee, de Jemp Schuster schléit déi Kéier propper, politesch, ronderëm sech – an da kritt een der eben – souguer déi, déi keng wollten. Wien da lo 'de „Meeschter Propper" ass, dat soe mer hei net – et bleift awer wéi gesot ëmmer propper – dat duerfe mer wuel verroden ... well mir gi neess propperen Zäiten entgéint – jo, sou propperen, datt mer den 13. Juni 2004 propper Loft a propper Politiker um Enn vum Wal-Tunnel gesinn. Wetten?

Laft also roueg an d'Stad an de proppere Pescatore, well do gitt der proppergewäsch.

J-Pol Roden

▷ *Weider Virstellongen: 8., 10., 11., 14. a 15. Oktober ëm 20.00 Auer. Reservéiere kann een um Tel. 23 63 90 58 oder iwwert Mail (jemp.schuster@ename.lu)*